

Vill ënnerwee

Lénger Trapper sinn e ganz aktive Veräin

Lénger. Viru kuerzem war d'Generalversammlung vum Wanderveräi Lénger Trapper ënnert dem Virsëtz vun der Presidentin Pierrette Linden. An enger Gedenkminutt ass un déi Membere geduecht ginn, déi am Laf vum leschte Joer verstuerwe sinn.

De Sekretär Emile Lucas huet de Rapport vum Joer presentéiert, wou d'Haaptaktivitéit de Marsch vum 9. Abrëll mat 1082 Partici-pante war.

De Veräin huet un allen offizielle Festivitéite vun der Gemeng deelgeholl a war och mat fënnef Läit op der Wander-Olympiad zu Koblenz mat derbäi. D'Membere vun de Lénger Trapper waren dann awer och bei de Wanderungen aktiv. Si hu bei 67 verschidde Ver-anstaltungen hei am Land mat 676 Startkaarten deelgeholl, nieft enger ganzer Rei vu permanente Wanderweeër an de Participatiounen am Ausland. De Keessjee Christian Klein huet eng gesond Finanzlag presentéiert. Nodeem

sech keen neie Kandidat fir an de Comité gemellt hat, ass de Comité wéi am leschte Joer bestätegt ginn: Pierrette Linden, Presidentin; Christian Klein, Vizepräsident a Keessjee; Emile Lucas, Sekretär an d'Membere Marc a Serge Bertemes, Alain Klein an Nicole Lucas. Keesserevisore sinn de Steve Schmit (nei) an d'Germaine Becker.

Als bal wichtigsten Deel koum d'Auszeechnung vu verschiddene Membere fir hir Participatiounen un de Wanderungen. Fir tèschent 30 an 49 Wanderunge waren dat de Steve Schmit, d'Liliane Zimmer, d'Manon Bertemes, de Serge Bertemes, den Henri Bürger, d'Nicole Lucas an Emile Lucas; tèschent 50 an 69 Participatioune war et d'Josette Burg. Op iwwer 70 Wanderungen si komm d'Pierrette Linden, de Lucien Linden an de Christian Klein. Si kruten als Merci eng Enveloppe iwwerrecht.

Emile Lucas via mywort.lu



D'Membere mat de meeschte Participatiounen goufen ausgezeechent.